



Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Sam TANSON, op d'parlamentaresch Fro n°5349 vum 6. Dezember 2021 vun den honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT a Marc GOERGEN iwwer d'Vorratsdatespäicherung

Zur Fro 1 - Firwat huet d'Regierung net vun der Chance profitéiert, hir Meenung der Kommissioun méi detailléiert duerzeleeën?

Lëtzebuerg huet an dëser Stellungnam, mais och bei aneren Geleeënheeten, eng kloer Präferenz fir e gemeinsamen europäeschen Kader ausgedréckt. Dëse Kader muss konform sinn mat der europäescher Jurisprudenz vun der CJUE.

Wéi dat schonn a virëschten Äntwerten op parlamentaresch Ufroen gesot ginn ass, lafen déi Aarbechten den Ament um Niveau vun den europäeschen Institutiounen, mais och Lëtzebuerg schafft un enger Gesetzesännerung fir komplett konform mat den Arrêten vun der CJUE ze sinn.

Am Kader vun hiren Aarbechten schéckt di europäesch Kommissioun reegelméisseg Questionnairen un d'Memberstaten. Déi Questionnairen déngen der Kommissioun als Diskussiounsbasis an déi eenzel Elementer aus de Questionnairen ginn dann an den spezifeschen Aarbechtsgruppen, an deenen Lëtzebuerg och vertraueden ass, méi am Detail beschwat.

D'lëtzebuerger Regierung huet der Kommissioun ëmmer op hier Questionnairen geäntwert an hiren Input ginn an och am Kader vun de Reuniounen, wéi zum Beispill de JAI Reuniounen wou sech d'Justizministeren treffen, d'Positioun vum Land kloer duergeluecht.

Zur Fro 2 - Wéi steet d'Regierung zu de Proposen 3(a)-(e)?

D'Punkten 3 (a) bis (e) sinn keng Proposen vun der europäescher Kommissioun, mais reflektéieren méiglech Pisten déi d'Urteeler vum europäesche Geriichtshaff vum 6. Oktober 2020^[1] virginn.

Déi verschidden Approchen schléissen sech och net eng déi aner aus, esou dass ee muss kucken je no Kontext a Niveau vu Menace fir d'Sécherheet, wéi eng Approche fir wéi ee spezifesche Fall ugepasst ass. Et ass awer à ce stade ze fréi fir sech festzeleeën wéi eng Pisten *in fine* zeréckbehale ginn.

An Erwaardung vun enger europäescher Léisung, wäert et awer zu Adaptatioune vun eiser Gesetzgebung an dësem Beräich kommen, esou wéi d'Justizministesch dat och scho virun der Chamber ugekënnegt huet.

Fir weider Detailler zu den zwou Froen verweist d'Regierung op d'Äntwerten op folgend parlamentaresch Froen:



- Nummer 791 vum 17. Juni 2019,
- Nummer 813 vum 20. Juni 2019,
- Nummer 1783 vum 27. Januar 2020, an
- Nummer 4693 vum 20. Juli 2021.

Lëtzebuerg, den 17. Dezember 2021.

D' Ministre de la Justice

(s.) Sam Tanson

[1] Et handelt sech em d'Uerteler n° C-511/18, C-512/18 an C-520/18 an der Affaire « *Quadrature du net, French Data Network, Ordre des barreaux francophones et germanophone* ».